PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
25 SEP. 2019
1248

Lëtzebuerg, den 25/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Den deemolegen an aktuelle Mobilitéitsminister hat an engem Interview vum 16te September 2017 am Tageblatt ugekënnegt, dass bis d'Joer 2020 insgesamt 40000 Elektroautoen op eise Stroosse rulle sollen.

Wéi a verschiddene Autorevuen ze liesen ass, bedroen d'Liwwerzäite fir Elektroautoen tëschent 3 an 12 Méint. Falls d'Demande vun den Elektroautoen am globale Kontext weider sollt steigen a gläichzäiteg d'Autoshiersteller net mat hirer Produktioun nokommen, kéinten dës Delaien sech an Zukunft nach weider verlängeren. Des Weidere steigt d'Demande no Elektroautoen net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee op der ganzer Welt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass genuch Elektroautoe fir de lëtzebuergeschen Autosmarché disponibel wäerte sinn, fir dass déi vum Minister deklaréiert Zuel vu 40000 Elektroautoe fir d'Joer 2020 ze erreechen?

2. Bleift de Minister bei senger Ausso, dass 2020 mindestens 40000 Elektroautoe sollen zu Lëtzebuerg ugemellt solle sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député